

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här President, Merci dem Rapporteur an allen Deputéierte fir hir konstruktiv Bäiträg haut a virun allem och an der Kommissioun an deene leschte Méint zu deem Projet. Ech wëll déi schéin Harmonie hei net méi laang stéieren a soen, datt d'Regierung sech freet driwwer, datt dee Projet unanime ugeholl gëtt.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem François Bausch. A mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6530.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6530 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir hunn 59 Participatiounen um Vott an 59-mol Jo. Domat ass de Projet 6530 eestëmmeg ugeholl.

Ass d'Chamber bereet,...

(Interruption)

Jo, 60 Jo-Stëmmen, Merci. Domat hu mer d'Unanimitéit vun allen Deputéierten.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Éicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Mergen), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen zum nächste Punkt iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7019, deen eng ganz Rei vu Gesetzter an der Education nationale adaptéiert un d'Reforme vun der Fonction publique. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den honorablen Här Claude Lamberty.

4. 7019 - Projet de loi portant modification**1. de la loi modifiée du 16 août 1968 portant création d'un centre de logopédie et de services audiométrique et orthophonique;****2. de la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée;****3. de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement postprimaire;****4. de la loi modifiée du 1^{er} décembre 1992 portant 1. création d'un établissement public pour le développement de la formation professionnelle continue et 2. fixation des cadres du personnel des Centres de formation professionnelle continue;****5. de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;****6. de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;****7. de la loi modifiée du 22 mai 2009 portant a) création d'un Institut na-****tional des langues; b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise;****8. de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État****Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

► **M. Claude Lamberty** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President,...

(Problème de sonorisation)

D'Reform vun der Fonction publique, déi d'lescht Joer a Kraaft getrueden ass, huet eng Rei Verännerunge mat sech bruecht, déi awer net einfach eent zu eent am Enseignement ëmzesetze waren.

D'Ziler vun där Reform deemools, déi ware relativ kloer. D'Fonction publique sollt méi modern opgestallt an der heiteger Zäit ugepasst ginn. D'Gestioun vum Personal grad wéi och de Bewäertungssystem fir all eenzelne Beamten an Administratioun ware Schlësselementer vun där Reform. An deem Kontext ass de System vun der Gestion par objectifs agefouert ginn. Dese System gëtt de Verwaltungen zousätzlech Moyenen, fir sech organisatoresch besser opzestellen an d'Personal ze encouragéieren, sech weider ze professionaliséieren.

Eng detailléiert „job description“ definéiert d'Missioun vum all eenzelne Beamten an no der Période de référence vun dräi Joer gëtt de Bilan vu senger Aarbecht gezunn. Dozou gehéiert dann och en individuell Gespëch tëscht dem Beamten a sengem Virgesetzten. Duerch deen neie Système d'appréciation des performances professionnelles si véier Niveaue geschaaft ginn, fir d'Beamten no hirer Leeschtung ze bewäerten.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Erreecht de Fonctionnaire zum Beispill den Niveau 4, sou kritt hie fir seng gutt Aarbecht dräi Deeg Congé zousätzlech guttgeschriwwen. Ma och wann de Beamten dese Sockel net erreeche sollt - dat ka jo emol sinn -, ass en awer frou ze wëssen, wou en drun ass a wat en an Zukunft ka besser maachen.

Dir gesitt, d'Reform ass wuel e Fortschritt, mä leider sinn déi nei Organigrammen, Programmes de travail an Einzelgespräicher, déi am Kader vun där Reform opgetaucht sinn, net ganz einfach eent zu eent an der Schoul ëmzesetzen.

Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir stëmmen dofir haut iwwer e Gesetzestext of, deen zwar d'Grondiddi vun där Reform bäibehält, mä einfach duerch spezifesch Mesuren de Beruffer am Enseignement Rechnung dréit.

Schonn duerch d'Gesetz vum 6. Februar 2009 gouf am Fondamental e sougenannten „PRS“, e Plan de réussite scolaire, agefouert, deen déi mëttelfristeg Ziler vun der Schoul festleet. Dese kann een duerchaus als Virreider vun den Aarbechtspäng gesinn, déi jo sechs Joer méi spët duerch d'Reform vun der Fonction publique entstane sinn.

Net nëmmen am Fondamental, mä och a verschiddene Lycéee goufen ännelech Pläng ausgeschafft. Am Ennerscheed zum Fondamental oder dem Institut national des langues beispillsweis hunn dës Initiativen allerdéngs nach keng gesetzlech Basis gehat a waren éischter fräiwëlleger Natur. Dat gëtt mat deem Projet de loi geännert.

An Zukunft sollen nämmlech net nëmmen d'Lycéeen, mä och de Service vun der Édifi, de Centre de logopédie, de Centre nationale de formation professionnelle continue esou e Plang ausschaffen, fir sech ebe besser ze strukturéieren a sech selwer festgeschriwwen Ziler ze setzen, déi de jeeweilege Besoine vun de Strukturen ugepasst sinn.

Och wann des Pläng deelweis am Projet de loi anescht genannt ginn, zum Beispill PDC fir e Plan de développement du centre oder PDI fir den Institut des langues, sou deele se awer all déi nämleche Objektiv. Si ginn dann, wéi gesot, den Equivalent zu den Aarbechtspäng, déi am Rescht vun der Fonction publique gëllen.

Déi interessant Fro ass elo: Wourëm handelt et sech ganz genee bei dese Pläng? An dese Pläng - am Fall vun de Lycéee PDS oder Plan de développement de l'établissement scolaire genannt - sollen d'Profiler vun de Schoulen dokumentéiert an och dévellopiert ginn. Si droen deene spezifesch Besoine vun all eenzelner Schoul Rechnung. Si leeë mëttelfristeg Ziler fest a beschreiben och, mat wéi enge Moyenen de Lycée oder aner schoulesch Strukturen des Ziler an Zukunft wëllen a kënnen erreechen.

D'PDS, also déi Pläng iwwert den Développement vun der jeeweileger Schoul, gëllen iwwer

en Zäitraum vun dräi Joer a gi vun der neier Cellule de développement scolaire a vum Conseil d'éducation ausgeschafft. No der Ausschaffung gi se vun der Conférence du lycée aviséiert a mussen da vum Direkter approuvéiert an zum Schluss vum zoustännege Minister arrétiert ginn.

Fir déi Pläng esou participativ wéi méiglech op d'Been ze stellen, ginn déi Cellules de développement scolaire an d'Liewe geruff. Dës Cellule setzt sech aus Memberen aus der Direktioun a Membere vun der Conférence du lycée zesummen. D'Missioun besti gréisstendeels doranner, déi schoulesch Donnéeën ze analyséieren, se ze interpretéieren, d'Besoin vum Lycée ze determinéieren, Strategien auszuschaffen, eng Charte scolaire an e kloert Profil vum Lycée ze definéieren, d'Kommunikatioun no bannen an awer och no baussen ze assuréieren an d'Schwéierpunkter vun der Formation continue an de jeeweilege Gebaier ze definéieren.

Et ass also kloer e Schrëtt an déi richteg Richtung, fir de Schoulen hir Autonomie ze stärken, fir ënnerschiddlech Schoulgebaier fir ënnerschiddlech Schüler ze kréien.

Eng weider Upassung vun deem Projet de loi betrëfft d'Einzelgespräicher mam Virgesetzten, déi ech virun ugeschwat hunn. Vu dass d'Schoulen net mat klassesche Servicier vum Stat vergläichbar sinn, déi reng administrativer Aarbecht noginn, gëtt proposéiert, des Entretiens individuels duerch en Entretien collectif am leschte Joer vum PDS ze ersetzen. Do derneft kéint ee sech schwéier en Direkter virstellen, deen all dräi Joer Einzelgespräicher mat allen Enseignanten an de Schoule géif halen, well ech mengen, dat géif extrem vill Zäit kaschten, déi verluer wär, fir kënnen aner Aufgaben an der Schoul ze iwwerhuelen.

Här President, ech hunn och virun de Bewäertungssystem ugeschwat, wou ee jee no Leeschtung a Bewäertung als Fonctionnaire jo zousätzlech Congé ka guttgeschriwwen kréien. Och des Ännerung ass schwierig am Enseignement ëmzesetzen, well d'Enseignantë jo mat festgeluechten Tächë schaffen a sech net einfach kënnen zum Beispill matzen an der Woch eng Kéier en Dag Congé huelen. D'Schüler géif et vläicht freeën, mä et wär sécherlech net am Sënn vun der Schoulorganisatioun.

Fir d'Enseignanten awer net ze benodelegen, setzt de Projet de loi dofir de gesetzleche Kader, fir dass och am Enseignement e Méchanisme de reconnaissance a Kraaft kann trieden. Dese gëtt duerch e Règlement festgehalten a wäert aus zousätzlechen Déchargé fir d'Beamte kënnen bestoen.

Madamm Presidentin, fir weider Detailer zu deem Projet de loi verweisen ech gären op mäi schrëftleche Rapport. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Rapporteur Claude Lamberty. Als éischt ageschriwwen Riednerin hunn ech d'Madamm Martine Hansen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Madamm Presidentin, an och Merci dem Här Lamberty fir den ausféierleche Rapport. Mat deem Projet de loi gëtt sech elo am Beräich vun der Education mat der Reform an der Fonction publique konform gesat.

Ech fänken emol mat deem Punkt un, dee mir als CSV begrëissen. D'Schoulentwécklung kritt mat deem Projet de loi eng gesetzlech Basis. De Schoulentwécklungsprozess ass absolut noutwendeg fir d'Qualitéitssécherung an d'Qualitéitsentwécklung an de Schoulen, a virun allem wa mer wëllen de Schoule méi Autonomie ginn.

Schoulentwécklung muss u sech ëmmer en dynamesch lafende Prozess sinn, well wann ee bis eemol domadder ophält, dann ass et esou, wéi wann ee géif géint de Stroum rudder. Da gëtt ee relativ séier zrëckgedriwwen.

Schoulentwécklung kann och net vun uewen erof diktiert ginn. Si muss an der Schoul selwer geschéien. D'Leit aus der Schoul mussen sech mat hirem Schoulentwécklungsplang identifizéieren an esou och d'Verantwortung dofir droen. An deem Sënn ass et ze begrëissen, datt en Entwécklungsprozess an alle Schoulen, Lycéeen, Centre soll institutionaliséiert ginn.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, da kommen ech zu deene Punkten, déi eis net esou staark begeeschteren, wou mer awer wëssen, datt si zum Deel Bestanddeel vum Accord mat der Féduse an dem SNE sinn.

Éischtens, an der Education gëtt deen an der Fonction publique virgesinnten Entretien individuel duerch en Entretien collectif am

leschte Joer vum Plan de développement scolaire - ech nennen et elo emol einfach esou, en heescht jo heiansdo anescht -, deen dräi Joer leeft, dann ersat. Sou eng Conférence spéciale u sech mat deenen eenzelne Fachberäicher ass et schonn ëmmer ginn.

Dann, fir déi berufflech Performancë vum Enseignement ze apprécieieren, ass et laut Ministère, wéi gesot, net méiglech, regelméisseg eenzel Mataarbechtergespräicher ze féieren, sou wéi dat am Allgemengen an der Fonction publique elo wäert üüblech sinn. Den Enseignant gëtt dann zweemol a senger Carrière evaluéiert, eng Kéier no zwielef an eng Kéier no zwanzeg Joer. Dës zwou Kéiere sollen dann och Entretien-individuelle stattfannen. Also all dräi Joer en Entretien collectif an zweemol an der ganzer Carrière en Entretien individuel mat uschlëssender Bewäertung.

Dir Dammen an Hären, et ass zimlech fragwürdeg, ob esou en anstännege Personalmanagement méiglech ass. Deen ass awer an eise Schoulen, Lycéeen, Instituter an esou weider genausou wichteg wéi an anere Betriber. De Statsrot huet sech ënner anerem gefrot, wéi dann den Enseignant kéint opgrond vu kollektive Gespräicher beuerteelt ginn. An ech wëll lech aus Erfahrung soen, datt et, au contraire zu deem, wat am Projet de loi als Erklärung steet, ganz wuel méiglech ass, regelméisseg Mataarbechtergespräicher ze féieren, an dat och net, esou wéi den Här Lamberty gesot huet, verlueren Zäit ass. Et ass duerchaus sënnavoll an noutwendeg, fir där Mataarbechtergespräicher ze féieren.

D'Zil vun esou engem Entretien soll jo schliisslech d'Qualitéitsentwécklung sinn an et soll keng Strof fir den eenzelne Fonctionnaire sinn an et soll och net als dat empfonnt ginn.

Dir Dammen an Hären, als CSV si mer also net ganz begeeschtert vun deem Projet de loi, mä mir sinn eis, ech hunn et scho gesot, bewosst, datt et en Accord ass mat de Gewerkschaften. Mir kënnen akzeptéieren, datt den Enseignantsberuff e spezifesch Beruff ass an datt et schwéier ass, regelméisseg Entretienen duerchzuféieren. Dofir hate mer och de Rapport gestëmmt.

Mä et ass awer schwierig ze verstoen, datt dat administrativt Personal an de Schoulen, den Instituter, der Édifi, och ënnert des Ausnam fält. Am Projet de loi steet nämmlech, datt den Entretien individuel duerch en Entretien collectif géif ersat gi fir den „personnel enseignant, socio-éducatif et administratif“. Dat ass mer eréischt elo opgefall, dat ginn ech gären zou, do fält mer keen Zack aus der Kroun, well ech hu keng un.

Et stelle sech do awer eng Partie Froen: Wéi en Ennerscheed gëtt et tëscht der Aarbecht vun der Sekretärin an de Schoulen, dem Huissier an de Schoulen an deenen a soss enger Verwaltung? D'Fonction publique wäert och do keen Ennerscheed gesinn: Si hunn nämmlech des Aarbechtspäng schonn an d'Schoule geschéckt als Basis fir déi individuell an net déi kollektiv Gespräicher. Wéi sollen déi och kollektiv oflaffe mat ënnerschiddlechen Aarbechtspäng?

Ass et net konträr zum Prinzip vun der Egalitéit, wann dat administrativt Personal aus de Schoulen anescht behandelt gëtt wéi dat administrativt Personal a soss enger Verwaltung? Wat geschitt mam technesche Personal? Gëtt dat dann an de Schoulen elo anescht behandelt wéi dat administrativt Personal an de Schoulen? Well fir déi ass keng Ausnam virgesinn.

Den Här Minister sot de Moien awer: „Mir wëllen d'Schoul als Ganzt gesinn.“ Als Erklärung fir d'Ausnameregulung bei der Ëmsetzung vun der Reform gëtt och ëmmer nëmmen déi speziell Situatioun vum Enseignant genannt. Vun deem anere Personal geet ni rieds.

E puer Beispiller: Am Exposé des motifs steet, datt den Entretien individuel sech géif perfekt eegne fir e Fonctionnaire mat enger administrativer Tâche, mä awer nëmme schlecht mat der Tâche vun engem Enseignant machbar wär. Am Rapport zum Projet de loi steet, well fir den Enseignant kee Plan de travail individuel existéiert, muss d'Mataarbechtergespräch ersat ginn duerch en Entretien collectif. Aus dem Procès-verbal vum 18. Oktober: D'Contribution vum Enseignant zum Programme de travail vu sengem Gebai kann net apprécieiert ginn, duerfir gëtt den Entretien individuel duerch en Entretien collectif ersat. Also ëmmer nëmmen d'Erklärung fir den Enseignant.

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt keng alichend Erklärung, firwat och fir dat administrativt Personal am Enseignement mussen Ausname



gemaach ginn. Entweder mir stinn hannert dem Prinzip vun de Mataarbechtergesprécher an der Evaluatioun - an da wann ech gelift iwwerall do, wou et machbar ass -, oder ebe mir stinn net dohannert. Mä ech hoffe jo, datt d'Majoritéit och nach hannert der Reform vun der Fonction publique steet.

Wa mer dat also fir den Enseignant kënnen akzeptéieren, esou kënnen mer dat net fir de Rescht vum Personal! An dofir stëmme mer géint dëse Projet de loi.

Well ech awer dovunner ausginn, datt de Projet de loi trotzdeem gestëmmt gëtt, a well mer dovunner iwwerzeegt sinn, datt de Personalmanagement wéi och de Schoulentwécklungsprozess e wichtegen Deel vum Schoul- a Qualitéitsmanagement sinn, dofir déposéieren ech am Nimm vun der CSV eng Motioun, an där mer d'Regierung opfuerderen, fir souwuel de Schoulentwécklungsprozess, d'Instrumenter an esou weider, wéi och den Evaluatiounsprozess vun de professionnelle Kompetenzen ze evaluéieren a gegebenenfalls Verbesserungsvorschläge ze maachen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que les écoles, les lycées, l'Institut national des langues, les services de l'Éducation différenciée, le Centre de logopédie et le Centre national de formation professionnelle continue doivent s'engager dans un processus continu de développement de la qualité scolaire à travers un plan pluriannuel;

- convaincue que le développement continu de chaque établissement constitue un élément primordial pour pouvoir garantir et améliorer la qualité de l'enseignement;

- notant que la gestion du personnel est un élément clé de la gestion des établissements scolaires;

- considérant que le présent projet de loi n°7019 précise que pour l'article 4 de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État, les entretiens individuels sont remplacés par un entretien collectif ayant lieu pendant la dernière année scolaire de la réalisation du plan de développement scolaire, plan qui correspond à la période de référence de trois années;

- constatant que selon le procès-verbal de la réunion de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, en date du 18 octobre 2016, Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale fait savoir qu'un agent de l'Éducation nationale est, au cours de sa carrière, sujet à deux procédures d'évaluation des compétences professionnelles, en plus de l'entretien collectif susmentionné, et ce après douze ans et vingt ans d'ancienneté respectivement;

invite le Gouvernement

- à procéder à une évaluation du processus de développement de la qualité scolaire (instruments et moyens mis à disposition, impact, etc.);

- à procéder à une évaluation du processus d'évaluation des compétences professionnelles du personnel dans les écoles, les lycées, l'Institut national des langues, les services de l'Éducation différenciée, le Centre de logopédie et le Centre national de formation professionnelle continue (entretiens collectifs, entretiens individuels, critères d'évaluation, etc.);

- à présenter, le cas échéant, des propositions d'adaptation.

(s.) Martine Hansen

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Madamm Hansen. Ech hunn elo hei den Här Lamberty nach op der Lëscht. Här Lamberty, intervenéiert Dir nach eng Keier elo?

► **M. Claude Lamberty** (DP), *rapporteur.* - Jo, ech wollt just eng Keier vläicht dat preziséieren zu deem, wat d'Madamm Hansen elo gesot huet: Ech hunn net gesot, oder ech hunn op jidde Fall net geduecht - ech hoffen, Dir hutt dat net esou verstanen -, dass mer domadder verlueren Zäit hätten, mä dass dat ganz vill Zäit anhëlt, déi verluer geet, fir aner Saachen an der Schoul ze maachen. An ech mengen, genee Dir wësst jo, wéi vill Aufgaben an der Schoul och eng Direktioun muss maachen.

Also, ech wëll dat ganz kloer nach eng Keier preziséieren, dass déi Zäit soll agesat ginn, fir kënnen déi deeglech Aufgaben an der Schoul ze iwwerhuelen, an net déi vill Zäit, déi dropgeet, wann ee mat all Enseignant - a besonnesch a grouse Gebaier sinn dat der wierklech

vill - misst der asetzen, fir den Entretien individuel ze maachen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Gutt. Merci, Här Lamberty.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech muss aus Erfahrung soen, datt et eppes bréngt an datt et keng verlueren Zäit ass!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Okay, Madamm Hansen. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mir géifen den Accord hei gi fir dëse Gesetzesprojet.

Et ass eng Adaptatioun, wéi dat virdrun och gesot ginn ass, vun aacht Gesetzestexter. Et ass en Accord och mat de Syndicaten op dësem Punkt do. Et sinn eng Rei vun Dispositiounen fir d'Aarbecht an de Schoulen - fir d'Bilanen ze maachen, fir d'Gestion par objectifs ze maachen, fir d'Appréciation vun deenen eenzelne Leit ze maachen -, wat awer eng aner Situation ass wéi vläicht an deenen anere Fonctionnairesberuffer.

An dofir stëmme mer deem heite Projet zou. Dat wäert eng Vereinfachung ginn an deem sief dann och hei Rechnung gedroen. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Engel. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Merci, Madamm Presidentin. Mir hunn et, wéi den Här Engel grad richtig gesot huet, eigentlech mat engem Loi ze dinn - intern, mengen ech, ass se „loi fourre-tout“ genannt ginn -, wou ganz...

► **Une voix.** - Jo.

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- ...wou ganz vill Klenggekeeten ugepasst ginn un d'Reform, déi mer an der Fonction publique haten. Ech hat och d'Chance, wéi mer doriwwer diskutéiert hunn, d'Kommissioun ze presidéieren. Ech war esou eppes wéi en Alterspräsident, well souwuel de President wéi de Vizepresident entschëllegt waren. Ech muss awer da soen, den Alterspräsident bezitt sech op d'Déngschjoren hei am Haus, net onbedéngt just op den Alter, soss hätt ech vläicht net gewonnen.

Mir bréngen och den Accord zu dësem Projet de loi. Ech wëll och dem Rapporteur villmools Merci soe fir säin ausféierleche Bericht. Ech ginn op e puer eenzel Punkten an.

Op d'Wichtigkeet vun engem PRS oder PDS, wéi een en ebe wëllt nennen, ass scho vu menger Virriednerin, vun der Madamm Hansen, higewise ginn. Et kann ee sech eigentlech froen, wéi d'Schoul an der Zäit funktionéiert huet, wéi mer nach kee Plan de développement scolaire haten. Ech mengen, datt et logesch ass fir all Betrib, deen en dynameschen Organismus ass, datt ee sech Leit dohinnerstellt a fir d'Eischt emol analyséiert, wat ee mécht an a wéi eng Richtung datt et geet.

Ech hu mech fir d'Eischt e bësse gewonnert, datt de Centre de logopédie e PDS kréich an net e PRS. Ech mengen, d'Erklärung ass awer och relativ einfach, well de PRS an der Primärschoul ass an am Centre de logopédie gi Schüler selbstverständlech vun allen Altersschichten betreit, vun der Spillschoul bis an de Lycée eran. Mä déi meescht ginn awer, besonnesch och wat den Dépistage ugeet, an der Spillschoul gekuckt. Dat sinn iwwerengs iwwer 6.000 Schüler an engem Joer, déi d'Professeren aus dem Centre de logopédie betreien.

Ech mengen awer verstanen ze hunn, datt de PRS souwisou och allgemeng ëmgeännert gëtt an e PDS. An et mécht och Sënn, datt net e Centre de logopédie oder all Centre d'éducation différenciée nach eng aner Form vu Plan de développement scolaire mécht. Duerfir wäerte mer iergendwann eng Keier an noer Zukunft allgemeng op de System vum PDS erauskommen. An ech mengen, datt dat och gutt ass a wichtig ass.

Et ass hei ugeschwat ginn, wat d'Mataarbechtergesprécher ugeet. Ech mengen, Mataarbechtergesprécher si wichtig. An ech verstinn dat och net esou, datt, wa mer hei net festhalen, datt se mussen mat jiddwerengem Eenzelne gefouert ginn, mengen ech, zweifelt awer keen heibannen drun, datt ee selbstverständlech och als Direktioun emol kann e Mataarbechter, besonnesch dann, wann et néideg ass, zu engem Mataarbechtergespräch invitéieren a mat deem iwwert déi Punkten diskutéieren, déi ze diskutéieren sinn.

En aneren Aspekt, dee mir an deem Gesetz hei och wichtig ass: Mir maachen eigentlech och nach eng Dier op fir de Professeur en pédagogie spécialisée. An do ass e bësselche meng

Fro, mir hu jo de Professeur d'enseignement logopédique, ob mer dann och déi aner Professeurs... Ginn dat elo just Professeurs, déi eng Spezialitéit hunn, oder nenne mer déi Spezialitéit och no deem, wat se kënnen? Mir brauchen e Professeur spécialisé en déficience visuelle oder déficience caractérielle oder déficience mobilité. Oder bleiwe mer just bei deem engen Uewerbegrëff: wéi mer de Professeur de langues hunn, hu mer de Professeur spécialisé?

Et wier op alle Fall flott, wa mer géifen do e Gläichgewicht kréien, wa mer alleguerten déi Leit, déi eng spezialiséiert Tache kréien, och géifen d'selwecht behandelen, net datt mer op eemol déi eng Sait Professeurs d'enseignement logopédique hunn an dann déi aner sinn einfach just Professeurs spécialisés. Et wier scho flott, wa mer do eng Linn géifen drakréien an drabehalen.

An deem Sënn ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi an ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Adam. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Madamm Presidentin. Och Merci un den Här Rapporteur, den Här Lamberty, deen eis hei de Projet presentéiert huet.

Ech hu mech gewonnert, datt d'Demokratesch Partei dëse Projet presentéiert, well an dësem Projet ass eigentlech iwwerhaapt näischt liberal, mä et ass alles sozialistescht! Et ass e Projet, deen op de Wee geet vum Kollektivismus, vu Bürokratie, vun Ongerechtegkeeten, vu Gruppendenken do, wou den Individuelle soll zielen. An et ass eigentlech alles wéi net liberal, alles wéi net déi Philosophie, déi déi Demokratiesch Partei u sech soll vertrieeden.

Ech wëll ufänke mat vläicht engem Kommentar iwwert d'Bürokratie. Mir hunn hei e Plan de réussite scolaire, e Plan de développement scolaire, alles pluriannuel, schwéier bürokratesch Prozeduren, déi hei ageféiert ginn. Eng Schoul, déi sech wëll entwéckelen, brauch kee Gesetz, fir hir ze soen, wéi ee Plang oder wéi eng Démarche se soll aschloen, fir hir Qualitéit oder fir hiert Konzept ze entwéckelen. Dofir brauch ee kee Gesetz, dofir brauch een e motivéierte Corps enseignant! An ech mengen, domadder wär et gedoen.

Mä mir hunn hei och ëmmer méi e grouse Waasserkapp am Ministère de l'Éducation nationale. Mir hunn eng Agence de qualité, déi déi Pläng da kuckt, an da muss dat vum Minister approuvéiert ginn. Elo schwätze mer iwwer en Observatoire national de la qualité scolaire. Alles dat dréit bái zu enger Entwécklung vun engem riseg Waasserkapp! Mä a Wierklechkeet: Wat kënnt dobäi eraus?

Mir hate virdrun iwwer - an eisen Aen op jidde Fall, Här Minister - eng Médiocritéit bei de PISA-Resultater geschwat. Mir hunn zënter Joren en Nivellement vers le bas an eise Schoulen. A mir kënnen administrativ Waasserkäpp bauen an der Éducation nationale, mä dorëm geet et net. Et geet drëm, datt mer endlech eis jonk Leit esou gutt wéi méiglech op d'Liewe virbereeden. An dëst Gesetz dréit näischt dozou bái!

Dat Zweet, wat mer mussen soen, ass déi Approche vum Kollektivismus. Dann ass hei déi Iddi ageféiert ginn - d'Virriedner hu se beschriwwen, ech wëll et net widderhuelen -, datt eigentlech kaum méi individuell mat den Enseignants geschwat gëtt - zweemol an enger ganzer Carrière! - an dann déi kollektiv Gesprécher ageféiert ginn.

Dat erënnert mech un d'Kulturrevolution a China, un aner Saachen, déi mer kannt hunn an der Geschicht. Mä et ass op jidde Fall net de Prinzip vum Respekt virum Eenzelnen.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

A wann den Här Adam och seet: „Natierlech kann en Direkter en Eenzelnen nach invitéiere fir e Mataarbechtergespräch“, do si vläicht Eenzelner, déi sech do a legisteschen oder anere juristeschen Considérationsen och refuséieren, fir dat vläicht net ze wëllen. Tatsaach ass, datt och deen eenzelnen Enseignant fir sech e Plan de travail mécht. Tatsaach ass, datt deen Eenzelne muss d'Geleehheet kréien, iwwer seng Leeschtung mat sengem Direkter oder Inspekter ze diskutéieren.

A wann deen Direkter oder Inspekter sech enger Kollektivitéit géint iwwer gesäit, dann ass vläicht gruppendynamesch scho virprogramméiert, datt en déi besonnesch gutt bewäert, well e wëll sech jo wahrscheinlech net den Onwëlle vun dem ganze Corps enseignant, Corps administratif an aneren an der Schoul zouzéien!

Soudatt eleng schonn aus deenen Iwwerleeungen eraus muss virusgesat ginn, datt wahrscheinlech déi Bewäertungen ëmmer um Niveau 4 mat der Zäit wäerte landen, well et kaum anescht geet, wann ee wëllt nach mat Leit zesummeschaffen, an datt also eigentlech d'Iddi selwer vum Mataarbechtergespräch hei ënnerhielegt gëtt duerch e Belounungsmechanismus, duerch eng Kollektivitéit, déi par nature ongerecht ass: Well dee Schwaachen oder Onwëlle gëtt matgeschleeft, an dee Gudden, deen Exzellenten, dee gëtt net méi esou considéréiert oder belount, wéi en et eigentlech verdéngt.

An domadder wäere mer scho bei där nächster Considération, bei der Belounung. Ass et dann net widdersënneg, datt en Enseignant, dee besonnesch gutt Schoul hält, dee besonnesch gär Schoul hält, deen dat esou mécht, datt en en Niveau 4 géif verdéngen, och nach doduerch - an Anführungsstrécher - „belount“ gëtt, datt en da manner Schoul soll hale wéi virdrun? Wëll en dat iwwerhaapt? Ass dat dann déi Belounung, déi ee sech fir sech virstellt, wann ee besonnesch motivéiert ass? A geet dee Genre Belounung net schlussendlech op Käscht vum de Schüler, wann eigentlech dann d'Tache vun deene reduzéiert gëtt, déi besonnesch exzellent sinn?

Dat ass e Modell, deen administrativ gebuer ass, mä deen dach vu sengem Konzept hier net kann iwwerzeegen!

Wann een da wëllt higoen: Firwat dann net eng aner Form vu Belounung erfanne wéi ausgerechent eng, déi dat soll reduzéieren, wat am beschte gemaach gëtt?

An dann och d'Terminologie! Natierlech si mer frou, datt e Pädagog, also d'Pédagogie spéciale hei nach eng Keier opgewäert gëtt. Dat kann a viller Hisiicht ganz wichteg an nätzlech sinn.

Mä op anere Plaze féiere mer awer och hei eng Terminologie an, déi och an eise Gesellschaften kaum hir Plaz huet: „Comité de la conférence du Lycée“. Ech géif dem Här Minister dann direkt recommandéieren, den Zentralcomité vun de Schoulen anzeféieren, well esou vill Sozialismus wéi an dësem Projet, dat hu mer scho laang net méi an dëser Chamber gehat!

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet den Éducatiounsminister d'Wuert, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, also wann dat heiten elo den Anzoch vum Sozialismus an eis Schoulen ass, Här Kartheiser, da kann ech lech soen, da sinn ech eben och Sozialist bei dësem Gesetz.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(**Brouhaha**)

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Dëst ass en, dëst ass en...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Endlech gitt Der et zou!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Jo, da sinn ech fir haut de Mëtteg da Sozialist, an dozou...

(**Brouhaha**)

...stinn ech och. A firwat stinn ech dozou an dësem Kontext? Ech si fir d'Alleréischts frou, datt et méiglech war, hei eng Schoul net als eng normal Verwaltung ze gesinn. D'Schoul ass en Deel vun der Fonction publique. Déi allermeescht Leit, déi an der Schoul intervenéieren, fonctionnéieren no de Regele vun der Fonction publique. Trotzdeem hu mer ganz aner Zilsetzung wéi aner Verwaltungen. Awer grad, wann et dann drëms geet, ëm Evaluatioun, ëm d'Performance ze moossen, mussen mer, denken ech, do och aneschtens kënnen virgoen.

Ech si frou, datt mer et fäerdegbruecht hunn, datt hei och an der Schoul weiderhi pädagogesch Iwwerleeungen dominéieren an net verwaltungstechnesch Iwwerleeungen, déi eigentlech an enger Steierverwaltung an an anere Verwaltungen vläicht absolutt Sënn maachen, hei eent zu eent transposéiert gi sinn.

Da sinn ech frou - an da komme mer zum Sozialismus, Här Kartheiser -, datt mer et fäerdegbruecht hunn hei, fir wierklech eng „whole school approach“ hinzekréien, datt mer net an de Schoule lauter Ich-AGEN hunn, wou jidderee fir sech schafft, jidderee just seng Aarbecht gesäit, mä datt mer och do dat Ganzt gesinn, wou mer gesinn, wéi eng ganz Schoul sech



kann entwéckelen, an datt och jidderee säint dozou bäizedroen huet, den Enseignant, dat edukatiivt Personal, e SPOS an och en administratiivt respektiv technesch Personal, wat och iergendzousch do mat säint muss leeschten, datt dat eben net nëmmen den eenzelnen Enseignant viru senge Schüler, viru senger Klass ass, mä eng ganz Schoul, déi sech kollektiv dann och Ziler setzt.

Well mir hätte gären, datt e Schoulentwécklungsprozess breet gedroen ass, datt net jidderee säin eegene Schoulentwécklungsprozess huet, mä datt dat eng Diskussioun ass tëschent deenen, déi dozou professionell musse bäidroen, den Enseignanten an deem anere Personal, mat anere Schoulpartner zesummen, sécherlech enger Direktioun, den Elteren an och virun allem de Schüler, datt ee sech do zesummen Ziler setzt an och zesummen da kuckt, déi Ziler do ze erreechen a während dräi Joer dohinnerzeschaffen.

Dat ass op jidde Fall meng Virstellung vu Schoulentwécklung. Dat anert kann ech mer net virstellen, datt jidderee weider just fir sech seng Ziler setzt a jiddereen an déi Richtung geet, wéi en dat dann nun ebe grad emol fir richtig féinnt. Do komme mer sécherlech als ganz Schoul net virun.

Duerfir sinn ech frou, datt mer d'Geleëenheet konnter notzen, wéi äänlech Entwécklungsprozesser an der gesamter Fonction publique elo agefouert goufen, déi eigentlech och als Basis ze huele fir Entwécklungsprozesser, déi och am Secondaire scho bestanen hunn, nëämlech de Plan de développement scolaire, och iwwert d'Organisationsform vun der Cellule de développement scolaire do kloer ze regelen, datt mer net herno zwou verschidde Base-légallen hätten, zwee verschidde Prozesser niewenteneen hätten, mä datt mer déi hei an ee Prozess kënnen eraféieren.

An do maache mer hei eppes, wat eigentlech elo eng „simple transposition“ vun enger Reform an der Fonction publique an den Domän vun der Éducation wäit iwwerschreit!

Mir kënnen eis jo awer nach un déi Diskussiounen erënneren, déi mer virun enger Rei vu Joren haten iwwert d'Secondairesreform. Do war dat heiten, d'Notioun vun der Schoulentwécklung an och d'Struktur, déi mer der Schoulentwécklung ginn am Secondaire, an den eenzelne Lycéeën, awer e grouse Punkt, deen och zu Konflikter gefouert huet an dee laang ëmstridde war. An dat féiere mer awer elo heimadder an. Dat ass eigentlech e Kärstéck vun der Reform am Secondaire, déi mer de Mëtteg hei stëmmen, a bei Wäitem eben net nëmme méi just eng Transpositioun vun enger Reform an der Fonction publique an eis Lycéeën eran.

Mir féieren dann och mat dësem Gesetz e wichtegt Instrument an, wat d'Autonomie vun de Schoulen, de Lycéeën an och deenen aneren Instituter, déi direkt hei am Gesetz matbehandelt goufen, soll strukturéieren, op eng ganz kloer Basis setzen, d'Responsabilitéit vun deenen Autonomieprozesser och nach eng Kéier kloer soll definéieren, wie wat zu wat fir engen Décisioun soll kënnen bäidroen.

Ech bleiwen och duerfir der Meenung - well ech soen, eng ganz Schoul soll sech entwéckelen -, datt et hei méi wichteg ass, datt d'Schoul d'selwecht behandelt gëtt an d'Personal vun der Schoul d'selwecht behandelt gëtt, egal ob een elo Enseignant ass, ob een Éducateur ass, ob een am SPOS schafft oder an enger technescher, administrativer Équipe.

Duerfir mengen ech, datt et wichteg ass, datt mer do net nach eng Kéier iergendzousch eng kënschtlech Trennung gemaach hunn a gesot hunn: „Déi dote sinn dann éischer fir pädagogesch Iwwerleeungen an Aarbechten zoustänneg, déi éischer fir administrativ Aarbechten.“ Och déi sinn direkt mat responsabel, fir datt d'ganz Schoul funktionnéiert, an och déi hunn hir Aufgab ze iwwerhuelen, fir datt e Plan de développement scolaire ka réusséieren, an och déi gi mat consultéiert an der Opstellung vun deem Plan de développement scolaire. Dat huet also hei absolut seng Kohärenz.

An ech denken net, datt een hei elo nach eng Kéier queesch duerch d'Schoulen zwou Kategorie vu Personal muss definéieren: eng, déi nom Schoulrhythmus leeft, an eng, déi an engem administrativen Rhythmus an och am Bewäertungsrhythmus leeft.

► **Une voix.** - Et sinn awer verschidde Métieren!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Wéi déi Gespréicher do stattfannen, denken ech, datt mer dat an den nächste Méint musse kucken. Mir ginn dovunner aus, datt, och wann dat Gesetz hei de Mëtteg gestëmmt gëtt, d'Schoulen eng Virlafzäit hunn nach iwwert dat ganz

nächst Schouljoer eraus, datt mer eréischt bei der Rentrée 2018 d'Plans de développement scolaire wäerte virléien hunn, déi dann an d'Ëmsetzung kommen, an datt dann och deen Evaluatiounsprozess hei wäert ulafen.

Da si mer och en ligne an en phase mat deem Dräijoresrhythmus, deen och an den aneren Administratiounen generell an der Fonction publique gëllt. An do wäert all Direkter vun de Schoule respektiv vun den Instituter natierlech kucken, wéi e sech do an esou engem Gebai och wäert organiséieren.

Ech mengen net, datt déi kollektiv Gespréicher allegueren esou musse sinn, datt do vum Rengegungspersonal bis hin zum Attaché à la direction jiddereen zesummen an engem grouse Sall muss setzen. Ech denken och, datt een do Gespréicher ka féieren, déi zwar nach ëmmer kollektiv sinn, mä mat eenzelne Gruppe vum Personal. Dat, denken ech, ass alles méiglech, och mat dësem Gesetz. Mä do muss een awer och e bëssen de bon Sens an d'Responsabilitéit vun den Direkteren, mengen ech, mat considéieren.

An och, wa mer hei festschreiwen, wéini Evaluatiounsgespréicher, och individuell Evaluatiounsgespréicher stattfannen hunn, fir dann och ze kucken, an där virgeschriwwener Evaluatiounsprozedur do eng Bewäertung ze maachen, déi jo och positiv Konsequenzen herno fir den eenzelnen Agent kann hunn, entbënt dat sécherlech net den Direkter, fir mat senger ganzer Équipe ze communiquéieren, ze schwätzen.

Ech ka mer net virstellen, datt een als Direkter sech a säi Büro sëtze geet a just waart: „Wéini ass den nächsten Zäitpunkt, wou ech e Evaluatiounsgespräch mat engem vun den Agente ka féieren? Ah, et sinn nach zwee Joer! Da muss ech elo waarden, bis ech em dat dote ka soen.“ Dat ass jo sécherlech net dat, wat heimadder gemengt ass!

Mir hunn da gesetzlech virgeschriwwen Terminer an der Evaluatiounsprozedur. An et ass eng vum Direkter senge Kärresponsabilitéiten, fir och eng Inspektioun vu sengem Personal ze maachen, fir och emol heiansdo an de Klasse-sall era kucken ze goen an dann och dozou seng Meenung ze äusseren, wéi d'Stonn gehale ginn ass, an natierlech och Ried an Äntwert ze stoen, wann en Agent, sief dat e Professer oder en aneren, emol eng Kéier eng Fro huet. Dat gehéiert dozou, wann een eng Schoul wëllt dirigéieren. Duerfir soll keen esou maachen, wéi wann dat elo heimadder absolut net méi méiglech wär. Dat war gewünscht virun haut de Mëtteg, a wäert och, wa mer dat Gesetz hei stëmmen, duerno nach gewünscht sinn.

D'CSV huet eng Motioun erabruucht. Ech hätt verstanen, datt ee vläicht gesot hätt: „Mir stëmmen dat dote Gesetz. Mir wäeren awer frou, wa mer do nach iergendzousch duerno nach eng Kéier kéinten driwwerkucken: Wéi gëtt et dann och ëmgesat?“ D'CSV seet awer: „Mir stëmmen dat dote Gesetz net. Mir müssen awer dann nach eng Motioun erabringen.“ An ech fannen eigentlech an där Motioun elo näischt, wat wierklech hei d'Chamber nach eng Kéier muss fuerderen.

Ënner anerem hu mer e Gesetzesprojekt hei an d'Haus abruecht fir en Observatoire de la qualité scolaire, dee sech sécherlech och wäert der Aufgab vun de Prozesser an der ganzer Éducation unhuelen, och den Evaluatiounsprozesser, iwwerhaupt der Qualitéit och vun all deem, wat an a ronderëm d'Schoule geschitt, sech wäert unhuelen. An natierlech wäert deen och eng Aufgab hunn, fir ze kucken, ob déi heite Prozesser esou oflafen, wéi se geduecht sinn, an dann och Recommandatiounen formuléieren, déi och hei an d'Haus kommen a public wäerte sinn, wa sech dorunner eppes sollt änneren a wann och do politesch sech misst nach eng Kéier eppes bewegen, fir datt dat herno kéint nach méi performant gemaach ginn.

Duerfir gesinn ech eigentlech net an, firwat een déi Motioun do soll stëmmen, well alles dat, wat drasteet, gëtt souwisou gemaach respektiv ass virgesinn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(**Interruption**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Ma Dir kënn och d'Wuert froe bei der Motioun. Dat géif eigentlech vläicht méi Sënn erginn.

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - Also zur Motioun. Ech mengen, déi ass relativ kloer formuléiert. Mir wënschen eis vun der Regierung eng Evaluatioun vum Schoulentwécklungsprozess bei deenen eenzelne Schoulen, Instituter an esou weider, an eben och vum Prozess vun der Evaluatioun beim Schoulpersonal. An ech sinn net sécher, datt den Observatoire pour la qualité scolaire dat kann iwwerhuelen.

Dann hätt ech awer och nach eng Fro. Den Här Minister sot, datt en u sech keng individuell Gespréicher wëllt an där ganzer Schoul. Domadder sinn ech jo net averstanen. Mä dat ass dann och nach egal. Mä da verstinn ech net, firwat datt dat technesch Personal hei erausgeklammert gëtt, well den Entretien collectif ass fir de Personnel enseignant, socio-éducatif et administratif. An „administratif“ ass definitiv eppes aneschters wéi technesch Personal.

Merci.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Also ech denken, ech brauch do net méi drop ze äntweren. Ech hunn dozou alles gesot. Ech sinn der Meenung, datt den Observatoire de la qualité scolaire déi Aufgab do soll mat wouerhuelen, fir den Evaluatiounsprozess vun de Schoulen a vun den Enseignanten och mat ze suivéieren an och d'Schoulentwécklung ze suivéieren, ob se zu deem féiert, wéi mer se gären hätten, an och, ob de legislative Kontext deen ass, wéi mer e gären hunn. Dat ass d'Käraufgab herno vun deem Observatoire.

Fir mech gëtt et eigentlech keen direkten Ennerscheed tëscht administrativem Personal an techneschem Personal, soudatt ech scho mengen, datt dat doten eent wéi eent muss gehandelt ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen. Mir kënnen zum Vote iwwert den Ensembl vum Projet de loi 7019 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7019 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

59 Participatiounen um Vott, 34-mol Jo, 25-mol Nee. Domat ass de Projet de loi 7019 majoritär uegholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7019 est adopté par 34 voix pour et 26 voix contre.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Marc Angel), Mmes Taina Boffending, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zur Motioun iwwergoen. Ech ginn dovun aus, dass se motivéiert ass. Nach Wuertmeldungen zur Motioun?

(**Négation**)

Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun...

(**Interruption**)

Ah, entschëllegt, Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

Motion 1

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR). - Villmools Merci, Här President. Jo, ech wollt just fir d'ADR soen, datt mer der CSV Merci soen, der Madamm Hansen, datt se déi Motioun hei presentéiert huet. An de Considérante gëtt sech op dat Gesetz bezunn, wat mer elo gestëmmt hunn. Dat ass nun eemol e Fakt, och wa mir mam Inhalt vun deem Gesetz, wéi mer et elo duerch eise Vott ausgedréckt hunn, net d'accord sinn. Mat den Invitte kënnen mir awer d'accord sinn.

Et schéngt eis e bëssen aussergewéinlech ze sinn, datt den Här Minister hei argumentéiert,

mir kréiche jo elo en neit Gesetz iwwert den Observatoire vun der Qualité scolaire, dofir bräichte mer dat hei net. Mä dat Gesetz gëtt et nach net!

Et schéngt mir awer e bëssen iwwerraschend ze sinn, datt mer hei als Chamber net sollen e Wonsch däerfen ausdrécken, well e Projet de loi vun der Regierung virläit, iwwert deen dëst Haus iwwerhaupt nach net befonnt huet. Dat schéngt mer net den néidege Wee ze sinn, fir dëst Parlament ze respektéieren. Aus deem Grond fanne mir, datt et absolutt legitim ass, datt d'Parlament dëse Wonsch äussert. A mat dem Contenu vun deenen Invitte si mir och d'accord, well et dem gesonde Mënscheverstand entsprécht. Dofir wäert d'ADR dës Motioun matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. An da géife mer zum Vott iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 29-mol Jo an 31-mol Nee.

(**Brouhaha général et interruptions diverses**)

Ech mengen, et gëtt sech ëmmer..., et gëtt sech heiansdo op deenen zwou Säite geiert. Ech huelen d'Deklaratioun vum Här Negri zur Kenntnis.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

(**Hilarité et brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Ass dat registriert? Merci.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 32 voix contre 28 voix.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Boffending, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini.

Da géife mer zum nächste Punkt vun eiseem Ordre du jour iwwergoen, an zwar dem Projet de loi 7085, d'Adaptatioun vum Mindestloun un d'Lounentwécklung. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabele Georges Engel.

5. 7085 - Projet de loi portant modification de l'article L. 222-9 du Code du travail

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zil vun dësem Projet de loi ass eng Adaptatioun vum Mindestloun vun 1,4%, fir deen un d'Entwécklung vum Duerchschnittsloun während deenen zwee leschte Joren, 2014 an 2015, unzepassen, an dat dann ab dem 1. Januar 2017.

Déi lescht Upassung, vun där ech och d'Éier hat, de Rapport ze maachen, dat war eng Upassung vun 0,1%, wat dach dann awer déi lächerlech Zomm vun 1,93 Euro am Mount ausgemaach huet. Dat war fir den 1. Januar 2015. Et war awer eng Upassung un de Rhythmus vun der Lounentwécklung an duerfir konnt een déi Upassung och do vertrieiden.

Haut stëmme mer eng Augmentatioun vun 1,4% a ronn 45.000 Leit sinn direkt concer-